Newsletter

01/2023

Natur genéissen

## NEI PRODUZENTEN

Mir heeschen déi nei landwirtschaftlech Betriber, déi d'*Natur genéissen* Konventioun mam SICONA an den Naturparken ënnerschriwwen hunn, häerzlech wëllkomm :

- Bruechtebaach : Haff Claude Heuertz
- Garnech : Haff Kraus-Hoffelt
- Kaalber : Haff Georges Pierrard
- Knapphouschent : Um Knapphaff
- Liljen : Haff Miny
- Steeën : Bio-Haff Baltes
- Iischpelt : Haff Koos
- Tënten : Haff Zimmer
- Welschent : Biohaff Steichen

Kucke mir eis der e puer méi genau un!

### Den Haff Zimmer zu Tënten

Säit 2022 ass de Betrib Zimmer Nico & Christian vun Tënten Deel vum *Natur genéissen*. Papp a Bouf féieren ee Betrib mat 55 Mammekéi, dee si 2020 op biologesch Landwirtschaft ëmgestallt hunn.



D'Famill Zimmer bewirtschaft knapp 80 Hektar Land. En Deel vun hire Fläche widme si dem Naturschutz. Nieft Weieren, huet d'Famill Zimmer ënner anerem eng 33 Ar grouss Randsträif direkt um Bëschrand an enger Wiss ugeluecht.

Fir de Betrib Zimmer bitt *Natur genéissen* d'Méiglechkeet fir hiert Rëndfleesch kënnen un d'Kiche vun de Maison relaisen aus der Regioun ze verkaafen.

SICONA Naturschutzsyndikat · NATURPARK ÖEWERSAUER · NaturparkOUR · Naturpark Mëllerdall Geopark

# Newsletter

01/2023

## Den Haff Kraus-Hoffelt zu Garnech

E weidere Betrib, deen säit 2022 um Projet deelhëlt, ass de Biobetrib Kraus-Hoffelt vu Garnech. Niewent der Haltung vu 16 bis 18 Limousins Ranner bewirtschafte si nach 35 Hektar Terrain, woubäi 25 Hektar reng Gréngland ass. D'Gréngland gëtt als Weed a fir d'Produktioun vun Hee genotzt.



© C. Martin

Um Aker baue si nach Broutwees, Spelz an Huewer un.

Déi zousätzlech Vermaartungsschinn an den *Natur genéissen* Maison relaisen war d'Motivatioun fir de Betrib, sech bei *Natur genéissen* ze engagéieren.

Fir den Erhalt vun naturnoe Flächen a Strukturelementer sécherzestellen, huet de Betrib Kraus-Hoffelt an der Vergaangenheet zesumme mat SICONA e Bongert ugeluecht, deen och schon seng Friichte gedroen huet.

## Um Knapphaff zu Knapphouschent

Den Daniel Rossler, genannt Dan, huet de Familljebetrib am klenge Knapphouschent bei Wolz am Joer 1998 iwwerholl. Viru mëttlerweil gutt 5 Joer huet de Betrib dunn en neie Wee ageschloen. Sou goufen déi ausgedéngte Schwäiställ kuerzerhand zum Standuert fir eng Bio-Champignonszuucht ëmfunktionéiert. Donieft bidden den Daniel a seng Fra Nathalie eng Rei pedagogesch Aktivitéite bei hinnen Um Knapphaff un.



Zanter November 2022 ass d'Famill Rossler Deel vun *Natur genéissen*. Ënner anerem vermaarte si hei hir Champignonen. Hir Efforten a Saachen Naturschutz sinn dobäi besonnesch vum Wonsch no Progrès gekennzeechent. Net just ass de Betrib aktuell an der Bio-Ëmstellung, ma et gouf sech och zum Zil gesat, Strukturelementer an naturno Flächen innerhalb vun den nächste Jore kontinuéierlech ze erweideren.

## De Bio-Haff Baltes zu Steeën

De Bio-Haff Baltes, ville bekannt fir säi Geessekéis aus der eegener Haff-Késerei an seng Islandpäerd, ass säit Enn 2022 am Projet *Natur genéissen* mat dobäi. D'Famill Baltes hält niewent de Geessen an Islandpäerd och Limousin Kéi - dëst Fleesch gëtt iwwert *Natur genéissen* vermaart. D'Fudder fir

d'Déiere gëtt op ronn 150 Hektar Land ugebaut, woubäi ongeféier d'Hallschent Dauergrénland ausmécht.

Ewéi all *Natur genéissen* Betrib engagéiert de Bio-Haff Baltes sech mat engem Deel vu senger Fläch fir den Erhalt vu Strukturelementer an naturnoe Flächen. 4 % vun der Betribsfläch si Strukturelementer a Form vu Beem, Hecken a Bongerten. Dëst ass ee wäertvollt Engagement, fir d'Biodiversitéit ze fërderen.



**Déi aner *Natur genéissen* Betriber ginn an der nächster Newsletter no an no virgestallt.**

## NEI MAISON-RELAISEN

Zanter Januar 2023 hu weider Gemengen eng *Natur genéissen* Konventioun ënnerschriwwen.

Véier Gemengen si beim SICONA dobäi komm:

- Groussbus-Wal
- Habscht
- Reckeng op der Mess
- Péiteng



D'Naturparken heesche folgend Gemengen häerzlech wëllkomm :

- Clierf (Naturpark Our)
- Konsdref (Natur- & Geopark Mëllerdall)
- Esch-Sauer (Naturpark Öewersauer)
- Veianen (Naturpark Our)
- Wolz (Naturpark Öewersauer)

Déi aktuell Kaart mat den *Natur genéissen* Gemengen an hire Maison-relaisen an den *Natur genéissen* Betriber fannt Dir hei:

***Natur genéissen***

# RÉTROSPECTIV

## Kachatelier mat de Käch a Kächinnen aus den *Natur genéissen* Maison-relaisen

Ufangs Mee huet eis Ekipp vum *Natur genéissen* eng Formatioun fir d'Kächinnen an d'Käch aus de Maison relaisen an der pedagogescher Kichen vum SNJ (Service national de la jeunesse) am Mariendall organiséiert. Et ass kulinaresch héisch hiergaangen.

Kächinnen, Käch an en Dieteticien aus den *Natur genéissen* Maison relaisen hunn hir Liblingsrezepter matbruecht, dës zesumme gekacht an sech ausgetosch. Ganz nom Motto regional, saisonal a vegetaresch an am Aklang mam Cahier des Charges *Natur genéissen* sinn hei ganz ënnerschiddlech Leckereien op den Dësch komm an déi Professionell hu gewise, wat si kënnen.

Mir freeën eis schonn op den nächste Kachatelier mat de Käch a Kächinnen am Hierscht!

## *Natur genéissen* meets École du Goût



Vu Juni bis an de Juli era sinn d'Kächinnen a Käch aus den *Natur genéissen* Maison-relaisen an enger dräideeleger Formatioun, organiséiert vun der École du Goût a SICONA, op eng haart Prouf gestallt ginn: eis Jury, d'Kanner aus der Maison relais vun Tandel, war gerecht, mee streng. D'Kanner hunn entscheet, wéi ee Menü vun den 3 Ekippen u Kächinnen a Käch am beschte geschmaacht huet.

Déi dräi Kachekippe kruten d'Aufgab gestallt, eng bestëmmten Zort Geméis an enger Entrée, engem Haaptplat an engem Dessert ze verschaffen. D'Kanner hunn de Kächinnen a Käch genee op Fangere gekuckt a konnten och selwer eng Hand mat upaken. Déi fäerdeg Plate si vun de Kanner mat alle Sënner getest a bewäert gi, fir e Gewënner erauszesichen.

Et war eng spannend Formatioun mat vill Erfarungsaustausch tëschent de Kächinnen a Käch, déi och de Kanner vill Spaass gemaach huet.

# Newsletter

01/2023

Natur genéissen

## AGENDA

**Samschden, 14.10.2023 um 14 :30**

Fir d'Nature for People Aktivitéit zu Garnech si mir um *Natur genéissen* Betrib vun der Famill Kraus-Hoffelt. Geplangt ass ee Besuch am Bongert vun der Famill Kraus-Hoffelt mat de Kanner an hiren Elteren, fir duerno zesumme mat de Kanner déi verschidden Äppelzorten aus dem Bongert ze schmaachen.



Méi Infoen zur Nature for People Aktivitéit fannt dir hei:

***Nature for People***

## GUTT ZE WËSSEN

**Version française**

D'Internetsäit vum *Natur genéissen* ass elo och op Franséisch !

Si waart just nach op Iech : ***Natur genéissen FR***

*Bis geschwënn !*

SICONA Naturschutzsyndikat
NATURPARK ÖEWERSAUER
NaturparkOUR
Naturpark Mëllerdall Geopark